



**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Ufro 4875  
vum 18. August 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

*ad 1*

D'EU Ausseministeren waren sech an der ausseruerdentlecher Sëtzung vum 17. August 2021 eens, wéi och an der Deklaratioun vum Héije Verrieder Josep Borrell am Numm vun den EU Memberstaaten vum 17. August 2021 festgehalten, datt alles soll gemaach gi fir d'Sécherheet vun den EU Bierger am Afghanistan souwéi vum lokal rekrutéierte Personal dat fir d'EU oder fir en Memberstaat geschafft huet, ze garantéieren, dëst och duerch d'Evakuéierung vum Personal a vun hire Familljen déi sech an Nout befannen. D'EU Ausseministeren hu sech an der Deklaratioun och dofir ausgeschwat datt d'EU den Afghanen, deenen hir Sécherheet duerch hiert prinzipiellt Engagement fir eis gemeinsam Wäerter kéint menacéiert sinn, eng besonnesch Opmierksamkeet soll schenken.

*ad 2 an 3*

Lëtzebuerg huet sech engagéiert fir 2 Persounen déi fir d'EU geschafft hunn an 1 Persoun déi fir d'NATO geschafft huet opzehuelen, zesummen mat hirer Famill. Déi Persounen ginn de Länner vun de jeeweilegen Organisatiounen proposéiert.

Och wann d'Meenungen ënnerhalb der Europäescher Unioun leider ausernee ginn, huet sech eng grouss Majoritéit vu Memberstaaten bereet erkläert, genau esou wéi mir, Persounen déi fir d'EU, d'NATO an aner international Organisatiounen geschafft hunn, opzehuelen.

*ad 4*

Et ass net ofzeschätzen wéi vill Persounen concernéiert sinn well net all Persoun direkt oder fir net ganz laang fir westlech Staaten an Organisatiounen geschafft hunn.